**D'ErwuesseBildung asbl**

Ass als „Organisateur de cours de formation professionnelle continue" duerch e ministerielle Beschloss vum 11.10.2011 vum deemolegen „Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle" unerkannt.
Op Wonsch stelle mir gären en „Certificat de participation" aus.
Frot w.e.g. dono bei Ärer Umeldung.

**AG „Kannerbicher" vun der ErwuesseBildung**

Et ass e Grupp vu 6 benevolle Mataarbechterinnen ënnert der Leedung vum Danielle Mertes. Reegelméisseg organiséiere si Aktivitéite ronderëm Kannerliteratur, schreiwe Buchtippen a maachen d'Auswiel vun de Kannerbicher am Bicherzelt vun der ErwuesseBildung. Berufflech waren oder sinn si selwer och am educative Beräich aktiv – als Léierin, Educatrice oder Katechetin.



Erwuesse Bildung www.ewb.lu

# *E Gedicht ... Mmmmm! Wat e Genoss!*

## *Eng Serie Manifestatioune ronderëm d'Gedicht*



Wéi kann ee Kanner op eng spilleresch a flott Manéier u Poesie a Gedichter eruféieren an hinne Loscht op d'Spill mat Buschtawen, Silben a Wierder maachen?
Den Aarbechtsgrupp „Kannerbicher" vun der ErwuesseBildung huet Atelieren ausgeschafft, Iddien zesummegedroen a Material virbereet, fir Leit, déi mat Kanner liewen a schaffen, bei der Aarbecht an am Erzéiungsalldag ze ënnerstëtzen.
D'Ënnerlage vun den Atelieren, d'Bicher an d'Material kënnen ausgeléint ginn, an d'Equipe vum Aarbechtsgrupp „Kannerbicher" kann och „mat Rot an Dot" zur Säit stoen, wann et ëm d'Organisatioun oder d'Ëmsetzung vun enger Aktivitéit zu deem Thema geet.

Erwuesse Bildung www.ewb.lu

## O, kuck do! E Gedicht! an do ... nach eent! ... an nach eent! ...

*E poetesche Rallye fir d'ganz Famill*

*Op lëtzbuergesch, däitsch, franséisch*

A klenge Gruppen (Eltere mat hire Kanner) maache mir eis op eng poetesch Entdeckungsrees ronderëm de Site vum Centre Convict.
Op eisem Wee begéine mir witzegen, eeschten, erstaunlechen an interessante Gedichter a probéieren op spilleresch Manéier, selwer dat eent oder anert Gedicht ze erfannen, ze schreiwen, ze illustréieren ... Mir wäerten erausfannen, wéi vill Spaass et mécht, mat Buschtawen, Wierder a Sätz ze spillen.

E Samschdeg, de 16. Juni 2018
vun 14.30 bis 17.00 Auer

ErwuesseBildung (Entrée G),
5, avenue Marie- Thérèse
L-2132 Lëtzebuerg

info@ewb.lu, Tel. 4 47 43-340
**bis den 2.06.2018.**
Gitt w.e.g. d'Coursnummer
**184190M** an d'Zuel an den Alter
vun de Kanner un.

Erwuessen: 12 Euro /
Kanner: 6 Euro

Famillje mat Kanner vu 4 Joer un.
Max. 5 Gruppe mat 6 Persounen

danielle.mertes@ewb.lu

Org.: Aarbechtsgrupp „Kannerbicher"
vun der ErwuesseBildung

## Oh, regarde un poème ! ... en voilà un autre ! ... et encore un ! ...

*Rallye poétique pour familles*

*Également en langue française*

Par petits groupes (parents avec leurs enfants) nous allons partir à la recherche de poèmes sur le site du Centre Convict. En cours de route nous allons découvrir des poèmes sérieux, drôles, intéressants et curieux. Ensemble nous allons essayer d'inventer, de dessiner et d'écrire nous- mêmes l'un ou l'autre poème. Et nous allons constater comment ça peut être amusant de faire des jeux de mots.

le samedi 16 juin 2018
de 14.30 à 17.00 heures

ErwuesseBildung (entrée G),
5, avenue Marie- Thérèse,
L-2132 Luxembourg

info@ewb.lu, tél. 4 47 43-340
**jusqu'au 2 juin 2018.**
Veuillez indiquer le numéro du
cours **184390M** ainsi que le
nombre et l'âge des enfants.

adultes: 12 euro / enfants: 6 euro
familles avec enfants à p. de 4 ans
Max. 5 groupes à 6 personnes

danielle.mertes@ewb.lu

Organisation: Groupe de travail
«Kannerbicher» de l'ErwuesseBildung